N°432
Entrée le 28.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 432 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen**

**Froen 1 bis 5: Personalbestand vum Ministère, vum SER, vun der ASTA an vun der ALVA esou wéi d' Entwécklung iwwert déi lescht 10 Joer.**

| | Personalbestand op den 31/12/2023 | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Unzuel vun Agenten | dovunner Vollzäit | dovunner Deelzäit | ETP | Entwécklung vun der Unzuel vun Agenten zwëschen dem 31/12/2013 an dem 31/12/2023 | Entwécklung vun den ETP zwëschen dem 31/12/2013 an dem 31/12/2023 |
| Ministère | 74 | 52 | 22 | 65.48 | 34.55% | 45.90% |
| SER | 107 | 75 | 32 | 95.33 | 94.55% | 101.76% |
| ASTA | 151 | 105 | 46 | 132.78 | -4.43% | -4.98% |
| ALVA | 104 | 71 | 33 | 92.15 | 136.36% | 131.82% |

Iwwert déi lescht zéng Joer ass d'Entwécklung vum Personalbestand an der Haaptsaach duerch nei an zousätzlech Missiounen ze erklären:

- den deemolege Ministère vum Konsumenteschutz ass Enn 2023 am Ministère vu Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau als nei "Direktioun fir Konsumenteschutz" integréiert ginn;

- de Service d'économie rurale huet ënner anerem de Service Comptabilitéit a Gestioun vun der deemoleger "Agrigestion", d'Gestioun vun de landwirtschaftlechen Ëmwelt- a Klimaschutzmoossnamen esou wéi d' Kontrollunitéit (Unité de Contrôle) iwwerholl;

- bei der Grënnung am Joer 2022, si Servicer vun aner besteeënde Ministèren (dem fréiheren Landwirtschaftsministère, dem fréiheren Konsumenteschutzministère an dem fréiheren Gesondheetsministère) an di nei Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire (ALVA) iwwerdroe ginn (dorënner déi fréiher Administration des services vétérinaires (MA-ASV), de fréiheren Service vun der Fuddermëttelkontroll (MA-ASTA) de fréiheren Liewensmëttelkommissariat (MPC-ComAlim) an de fréiheren Service vun der Liwewensmëttelsécherheet (MS-DirSan).

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN